# Gemengewale vum 11. Juni 2023 :
# « Dispositif électoral » vum radio 100,7
# an der offizieller Walcampagne

**10. Mee 2023** – D'« Principes directeurs pour les élections communales du 11 juin 2023 », déi d'ALIA den 10. Februar 2023 op Basis vum Artikel 35 vun der Loi modifiée du 27 juillet 1991 sur les médias électroniques festgeluecht huet, gesi vir, datt d'Redaktioun vum radio 100,7 an engem geschriwwenen « Dispositif électoral » duerleet, wéi d'Redaktioun virgesäit, de Walkampf ze couvréieren. Déi offiziell Walcampagne an de Medie leeft vum 15. Mee bis den 9. Juni 2023.

An deem Kader deelt d'Redaktioun vum radio 100,7 folgenden Dispositif fir d'Gemengewale vum 11. Juni 2023 mat:

**Table ronde iwwer d'Stad Lëtzebuerg**

D'Table ronde, déi an de Richtlinne festgehale gouf, gëtt den 21. Mee vun 10:30 Auer bis 12:00 Auer um radio 100,7 diffuséiert. De Sujet ass de Walkampf an der Stad Lëtzebuerg. All d'Parteien, déi de Critère erfëlle fir bei der Table ronde dobäi ze sinn, sinn nämlech déi selwecht Parteien, déi an der Stad Lëtzebuerg mat komplette Lëschten untrieden.

**Invité:e vum Dag**

Och wärend de véier Woche vun der Walcampagne an de Medie wäert d'Redaktioun vum 100,7 moies um 7:30 Auer am Format Invité:e vum Dag d'Gemengewalen theematiséieren. Well et e Format ass, dat och un d'Aktualitéit gebonnen ass, kann et nach zu Adaptatioune kommen.

Geplangt sinn:

1. Schengen (Michel Gloden a Annette Willems-Kirsch)
2. Péiteng (Jean-Marie Halsdorf a Marc Goergen)
3. Dikkrech (Claude Thill, Charel Weiler, José Goncalves Lopes)
4. Wëntger (Carlo Weber a Jeff Engelen)
5. Woltz (Fränk Arndt a Maurice Muller)
6. Esch-Uelzecht (Georges Mischo, Steve Faltz, Meris Sehovic, Line Wies)
7. Iechternach (Yves Wengler, Carole Hartmann, Carole Zeimetz)
8. Mamer (Gilles Roth, Francine Closener, Djuna Bernard)
9. Stad Lëtzebuerg (Lydie Polfer, Serge Wilmes, François Benoy)

Well déi méi kleng Parteien a manner Gemengen untrieden, a si wärend der Campagne awer och sollen zu Wuert kommen, sinn zousätzlech des Interviewe geplangt:

1. ADR iwwer d'Erausfuerderunge bei de Gemengewalen
2. Lénk iwwer d'Erausfuerderunge bei de Gemengewalen
3. Fokus iwwer d'Erausfuerderunge bei de Gemengewalen
4. KPL iwwer d'Erausfuerderunge bei de Gemengewalen

**Reportagen an Hannergrondbäiträg**

An der Rubrik Walen 2023 (5x d'Woch mat enger Eischtdiffusioun tëscht 7:30 an 8:00 Auer, https://www.100komma7.lu/program/emission/walen2023) gi Reportagen a Bäiträg vun der Redaktioun diffuséiert iwwer d'Enjeue bei dëse Gemengewalen.

---